Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/09/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kommunikatioun a Medien, Mobilitéit & Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

An den Zich, de Garen souwéi an de Busser vun den CFL ginn d'Reesender an de vun Iwwerwaachungskameraen opgeholl. Mam Akraafttriede vum GDPR am Mee 2018 huet sech d'Legislatioun ronderëm den Asaz a Gebrauch vu Kameraen allerdéngs verschäerft.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ween ass de Responsabele fir den Traitement vun de Videoopnamen, déi an de Waggone, op de Garen souwéi an de Busser vun den CFL opgeholl ginn?

2. Wéi eng Persounen hunn Accès op dës Biller a wéi ass den Accès protegéiert? Huet d'Personal vun den CFL een Accès op d'Opnamen? Falls jo, sinn si hisiichtlech dem GDPR forméiert?

3. Wou ginn d'Videoopnamen an den Zich, Garen a Busser gespäichert a wéi laang?

4. Wéi vill mol ass d'Videomaterial säit dem Akraafttriede vum GDPR visualiséiert a consultéiert ginn? Wat waren d'Motiver vun de verschiddene Consultatiounen a wéi eng Persounen kruten op dës Donnéeën een Zougréff?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député